Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

20.4.2015 D'Auslännerwahlrecht ass net d'Iddi vun de Lëtzebuerger oder vun den Auslänner hei am Land.

19 **Apr** *2015*

D'Iddi vum Auslännerwahlrecht ass réicht sou richteg opkomm am Januar 2013. Deemools war den Wirtschaftsminister Etienne Schneider zu Besuch an der Handelskammer beim Pierre Cramegna. Zesummen hunn si d'Iddi vum Auslännerwahlrecht lancéiert an den Etienne Schneider sot :"Deux ou trois ans de résidence seraient suffisants pour acquérir le droit de vote."
De Politolog Raphaël Kies seet: "j'ai une impression un peu paradoxale que ce droit de vote qu'on veut donner aux étrangers est surtout une demande qui vient de l'élite politique"

Liest weider an dréckt "read more"

Read more … 20.4.2015 D'Auslännerwahlrecht ass net d'Iddi vun de Lëtzebuerger oder vun den Auslänner hei am Land.

18.4.2015. Pressecommuniqué zu Asti/Minte

18 **Apr** *2015*
Hei ass en Pressecommuniqué als Äntwert op en Communiqué vun der Asti (hei).

Benotzt d'Asti d'Hëllefsbereetschaft vun aner Organisatiounen fir hir politesch Zwecker?

Mir stellen kloer, dass den Drock vun de Memberen selwer kënnt, déi eis kontaktéiert hunn well se net wossten, dass hir Associatioun de Jo zum Auslännerwahlrecht géif ënnerstëtzen.

Dréckt op "read more"

Read more … 18.4.2015. Pressecommuniqué zu Asti/Minte

17.4.2015 Artikel am "Lëtzebuerger Land"

17 **Apr** *2015*

(comments: 0)

An der Zeitung "d'Lëtzebuerger Land" vun haut ass een gudden Artikel iwwert d'Auslännerwahlrecht.

nee2015.lu gëtt och erwähnt.

http://www.land.lu/2015/04/17/keng-rechter-fir-d%C3%A9i-b%C3%A4igeprafften%E2%80%A9/

Hei gëtt thematiséiert, dass een bis elo ganz vill iwwert de "Jo zum Auslännerwahlrecht" an wéineg iwwert de "Nee" héiert.

Mä de Nee mécht sech lues a lues méi bemierkbar....

Schliisslech ass eng Majoritéit vun de Bierger fir de NEE.

Liked eis Säit op Facebook an bestellt bei eis Autocollanten per Mail kontakt@nee2015.lu

Read more … 17.4.2015 Artikel am "Lëtzebuerger Land"

16.4.2015 Ënnerstëtzt d'Jugendkonferenz (CGJL) d'Plattform minte.lu an d'Auslännerwahlrecht?

16 **Apr** *2015*

D'Jugendkonferenz steet um Internetsite minte.lu als Ënnerstëtzer vum Auslännerwahlrecht.

D'Jugendkonferenz ass den Daachverband vun bal 30 Jugendorganisatiounen (Scouten, Jong Baueren, ACEL, CSJ,...)

Hat d'Jugendkonferenz eng intern Debate iwwer dee Support an huet se doriwwer ofgestëmmt?

Wëssen hir Memberorganisatiounen dass si sech net politesch neutral verhält?

Huet d'Jugendkonferenz eventuell och finanziell zur Campagne fir de Jo bäigedroen?

Read more … 16.4.2015 Ënnerstëtzt d'Jugendkonferenz (CGJL) d'Plattform minte.lu an d'Auslännerwahlrecht?

16.4.2015 nee2015.lu ass parteineutral

16 **Apr** *2015*

Mir sinn do fir all d'Leit aus all de Parteien.

Well an all de Parteien gëtt et Leit déi Nee stëmmen wäerten.

Laut dem leschten Sondage stëmmen bal 50% vun den DP-Wieler gären mat Nee an dat trotz dem Opruff vun hirer Parteispëtzt a vum Xavier Bettel fir de Jo.

Am Ganzen ass eng Majoritéit vun de Lëtzebuerger fir de Nee: Mir sinn déi politesch Mëtt, mir si Lëtzebuerg.

dréckt op "read more" fir weider Informatiounen.

Read more … 16.4.2015 nee2015.lu ass parteineutral